RTL carte blanche économique du 21.01.2009

(ACA)

Feierversecherung

Dei Leit déi d'lescht Woch d'Aktualitéit suivéiert hun konnten de Fall mattkréien vun enger élerer Koppel dénen hiren Appartement an der Sylvesternuecht ofgebrannt ass; Brandstëftung – an dat ass besonnesch ruckelzeg – aus rassisteschen Grënn gëtt net ausgeschloss.

Et waren ém déi Zeit an bis déi lescht Woch eran nach matt, bis zu minus 15 Grad am Freien an et ass dann dringend drëm gang daer Koppel eng Ersatzwunneng ze beschaffen.

Et gouf nämlech festgestallt, natierlech ze spéit, datt zwar d'Copropriétéit wou d'Leit dra gewunnt hun, géint Feier versëchert war esou datt de Schued vum Immeuble bezuehlt gëtt, datt och de Leit hir Miwwelen zu hirem réellen Wert gedeckt waren, mais datt an dénen 2 Versecherungspolicen vergiess gi war de sougenannten „chômage immobilier" matofzedecken.

De betraffenen Assureur huet an engem good-will Geste de Leit fir d'éischt e puer Iwernuechtungen am Hotel an duerno, fir 3 Méint de Loyer vun engem Appartement bezuehlt, dén d'Buergermeeschteg vun der betraffenener Gemeng fir sie frei gemach huet.

Dat war alles net esou einfach an vill Leit hu missen vill gudde Wëllen beweisen, ganz einfach well dës Couverture, un sech eng Banalitéit vergiess gi war.

Wéi konnt dat geschéien?

Fir d'éischt soll emol gewosst sin datt d'Feierversëcherung, am Géigesatz zu enger Autohaftpflichtversëcherung, oder enger Fallfirmensversëcherung keng obligatoresch Assurance ass, datt én awer gudd drun dét sein Haus, sein Appartement op freiwelleger Basis ze assuréieren, soss kann et emol virkommen datt én bei den heitegen Immobilienpreisser mam Fanger am Mond dostét.

Och ass et recommandéiert am Fall vun enger Copropriétéit wa méiglech d'Assurancen vun der Copropriétéit an vun den énzelen Appartementer bei démselweschten Assureur ofzeschléissen fir éventuel Duebelcouverturen ze vermeiden, oder wéi an desem Fall eng Couverture ze vergiessen.

Berouhegend ze wëssen ass awer datt a leschter Zeit bal all Feierversëcherungen an engem „Package“ ugebueden gin dén all Eventualitéiten mat aschléisst.

An schlussendlech, nach eng Informatioun fir d’Elteren déi Kanner am Ausland op der Uni hunn:

Fir déi misst et och interessant sinn ze wëssen datt eng Rei der „Packagen“ an der Feierversëcherung de Mietrisiko, dén Studenten am Ausland als Locataire mussen versëcheren, mat ofdecken, an zwar gratis.